N°3520
Entrée le 26.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister op d'parlamentaresch Fro n°3520 vum 23. Januar 2026 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen.**

1. **Wat ass de Käschtepunkt vun den EATC/ATARES-Flich aus dem Tableau vun der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3034, wann een d'Staatsausgaben fir den EATC/ATARES-Programm aus dem Budget mat de geflunnene Kilometer vergläicht?**
   Et gëtt keng direkt Relatioun zwëschent dem Staatsausgaben an den EATC Flich déi am ATARES Programm kompenséiert gin. Als Member vum EATC bezilt Lëtzebuerg administrativ Käschten vun ongeféier 70.000 Euro pro Joer.

2. **Wéi héich ass de Käschtepunkt, wann een d'Staatsausgaben mat de Fluchstonnen aus dem Tableau géigeniwwerrechent?**
   ATARES Stonnen hunn keen finanziellen Géigewäert. Iwwert 30 Natiounen an deem Programm hun sech géeenegt vir eng Equivalenz Rechnung zwëschent Fligertypen als Basis vir d'Kalkulatiounen ze huelen an keng finanziell Approche. Et get keng Käschtenrechnung pro Stonn oder Vol gemaach.

3. **Wéi eng aner Fligeren, ausser dem A330, goufe fir d'Trajeten aus dem Tableau genotzt?**
   Ech weisen op d'Aentwert op d'Parlementaresch Fro no 474 vum 14.Maerz 2024 dei en Apercu vun den benotzten Fligertypen get.

4. **Wéi oft gouf den A330 fir d'Trajeten aus dem Tableau benotzt a wéi oft gouf een Anere vun dësen Jets benotzt?**
   Den A330 MRTT huet keng Missioun aus dem Tableau vun der Aentwert op d'QP 3034 geflunn.

5. **Wéi variéiert de Käschtepunkt fir d'Notzung vun den anere Fligertyppen?**
   Ech weisen op d'Aentwert op d'Parlementaresch Fro no 474 vum 14. Maerz 2024 dei Erklärungen geet zum Kompensatiounsmechanismus am Kader vun dem ATARES Programm. Et gin keng finanziell Kompensatiounen gemaach am Kader vum ATARES Program.

Lëtzebuerg, de 26. Februar 2026.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN